44. Landjugenddag zu Ischpelt

Wéi eng grouss Famill

Usprooch vum Nelly Meyers, LLJ-Presidentin

D'Nelly bei senger leschter Usprooch an der Funktioun als LLJ-Nationalpresidentin

Léiwen Här Äerzbëschof,

Léif Éieregäscht,

Léif Frënn a Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ),

Et ass fir mech – als ***oftriedend*** Nationalpresidentin – eng grouss Éier, Iech haut hei zu Ischpelt ze begréissen!

Wéi Dir wësst a gesidd, ass et dëst Joer nees un de Verantwortlechen a Membere vum regionale Landjugendgrupp ***Cliärref***, déi fir d'Organisatioun vum Landjugenddag zoustänneg sinn. Méintelaang hu si sech Méi gemaach, fir dësen Dag op benevoller Basis op d'Been ze stellen. E Rallye mat Froe féiert deemno zu Ischpelt ronderëm d'Schlass – do maache si/mir eng lass!

Léif Leit,

Mir sinn houfreg, datt eis Jugendorganisatioun dëst Joer ëmmerhin op 90 Joer Geschicht zréckblécke kann. 1928 hunn sech deemno jonk Leit am „Jongbauerebond" zesummegedoen, fir sech op verschiddenen Ebene fir hir Beruffsgrupp anzesetzen. En ass aus deem deemolegen „Volksverein" – deen all Beruffsgruppen ëmfaasst huet – entstanen, well deen dem bäuerlechen Element net genuch Rechnung gedroen huet. Esou gouf geschwënn e Comité gegrënnt, fir sech iwwer déi gemeinsam Ziler an Aarbechten am Interessi vun der Saach ze beroden. Mam Här Charles Wirtgen, deem 1. President, hat dëse Comité dann och ee gudden Zoch gemaach. Mat vill Gescheck huet hien de jonke Veräin iwwer laang Jore gefouert a virubruecht.

Och wa mir dësen – dach stolzen – Anniversaire vun eisem Jugendmouvement éischter méi roueg uginn, komme mir mat Sécherheet am Hierscht dorop zréck. Mir wäerten d'Geleeënheet notzen, fir en an dee richtege Kader ze setzen an d'Glas op 90 Joer Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren ze hiewen!

Éier et dozou kënnt, stinn dëst Joer awer nach weider grouss Aktioune bei der LLJ um Programm.

Vum 29. Juni bis 1. Juli si mir esou nees op der ***Foire Agricole*** (FAE) zu Ettelbréck am Asaz. Niewent der Organisatioun – wat d'Aschreiwungen, den Accueil an d'Féierunge vun de Schoulklassen aus dem Land betrëfft – an eiser weiderer üblecher Präsenz op der FAE, stellt d'Sensibiliséierungsaktioun ***Fro de Bauer*** op en Neits ee vun den Highlights wärend der dësjäreger landwirtschaftlecher Ausstellung duer.

Laut dem 2-Jores-Rhythmus steet och nees eis ***36-Stonnen-Aktioun*** um Programm. Deemno engagéieren sech déi 7 regional Landjugendgruppen iwwer de Weekend vum 22. bis 23. September 2018, fir op benevoller Basis e Projet am Intressi vun der Allgemengheet ze realiséieren.

Wärend der Aktioun, déi sech – wéi schonn ernimmt – op 36 Stonne limitéiert, ginn d'Memberen aus deenen eenzelne Landjugendgruppen zesummen eng Aarbecht un, déi zur Verschéinerung vum Duerf bäidréit oder eng nëtzlech Ariichtung fir d'Bewunner aus der Géigend duerstellt. D'Aufgab, déi ze realiséieren ass, gëtt am Virfeld vun de Gemengeverantwortleche geplangt a preparéiert, mee bleift bis dee leschte Moment geheim. Esou si Grill-, Rascht- a Spillplazen, Chaleten, Wanderweeër, en Adventure-Park, … a villes méi zënter 2000 a verschiddene Gemengen am Land duerch den Asaz vun der Lëtzebuerger Landjugend entstanen.

E sécherlecht net alldeeglecht Bild vun der Hal vum Betrib Kremer zu Ischpelt

Am Hierscht invitéiert de Landjugendgrupp Zenter Iech dann all ganz häerzlech op en ***Dag vun der Kooperatioun***, fir domat engersäits d'Kooperatiounsaarbecht vum *Service Coopération* vun eiser Associatioun ze ënnerstëtzen an anerersäits, den Interesséierten ze weisen, wat fir eng Projeten eis ONG am Interessi vun eise Frënn am Burkina Faso realiséiert.

Léif Leit,

Wéi am Ufank schonn ugedeit, ass dat hei meng lescht Usprooch a menger Funktioun als Nationalpresidentin vun der LLJ. Et war fir mech eng grouss Freed, fir 3 Joer laang en Deel vun dëser ***grousser Famill*** ze sinn. Mat vill Häerz an Engagement war ech ëmmer gär dobäi. E reegelméissegen Austausch mat deene Jonke war fir mech ëmmer immens wichteg – well nëmme wann ee matenee schwätzt an d'Entscheedungen zesummen hëlt, ass ee staark als Grupp a kann esou eppes am ländleche Raum beweegen.

Ech wënschen dofir menger Nofolgerin – dem Angèle Mersch – ***bonne chance*** bei hirem Engagement un der Spëtzt vun eiser Jugendorganisatioun.

MERCI

Éier ech d'Wuert elo weiderginn, wëll ech e puer Mercien ausdrécken:

- Dëst Joer ass et jo de regionale Landjugendgrupp Cliärref, dee fir d'Organisatioun vun dësem Dag zoustänneg ass. Esou wëll ech dem Fränz a senger ganzer Equipe mäi Merci soen, fir hiert Engagement am Intressi vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren, a besonnesch fir d'Realisatioun vun der 44. Oplag vum Landjugenddag.
- Och dem Här Buergermeeschter Emile Eicher an de Gemengeresponsable vu Clierf ee grousse Merci, datt si sech fir d'Duerchféierung vum Landjugenddag an der Clierfer Gemeng ausgesprach hunn.
- Dësweidere wëll ech de Ministèren an all den Organisatiounen, déi äis all Joer nees finanziell ënner d'Äerm gräifen, mäi grousse Merci ausdrécken.
- E besonnesche Merci geet un eisen Nationalaumônier Romain Richer. Hie steet äis ëmmer nees mat Rot an Dot zur Säit.
- Op kee Fall wëll ech d'Chantal Heuschling, d'Jacqueline Monville an de Franz Glodt aus eisem Sekretariat vergiessen. Merci fir hir Aarbecht, déi si mat vill Engagement uginn.
- Mir bleift elo just nach ee Merci an dee geet un Iech all heibannen. Et ass fir mech eng grouss Freed, datt Dir erëm – oder och eventuell fir d'éischt de Wee bei d'Landjugend fonnt hutt. Ech wënschen Iech e schéinen Dag an hoffen datt mir äis dat nächst Joer nees op Christi-Himmelfahrt, den 30. Mee 2019 bei der Landjugend Maacher zréckzegesinn.

Ech soen Iech Merci!

Déi nei Nationalpresidentin Angèle Mersch huet hirer Virgängerin e grousse Merci fir dat laangjäregt Engagement am Interessi vun der LLJ ausgeschwat

Och um 44. Landjugenddag hunn d'Participanten hir Geschécklechkeet a Kraaft ënner Bewäis misse stellen

Vill weider Fotoe vum 44. Landjugenddag ënner www.jongbaueren.lu